N° 7881
Entrée le 12.04.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.04.2023

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Ministère de l'Agriculture,
de la Viticulture
et du Développement rural, 8
Référence: 255/2023
12 AVR. 2023
A traiter par:
Copie à:

Lëtzebuerg, den 12. Abrëll 2023

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Landwirtschaftsminister weiderzeleeden.

An enger rezenter Matdeelung vun der „Administration luxembourgeoise vétérinaire et alimentaire" mam Titel « Abrogation de la dérogation pour l'importation d'animaux en provenance d'Ukraine » heescht et :

« Suite à la guerre en Ukraine, l'importation d'animaux de ce pays dans l'UE a été facilitée par la Commission européenne en ce qui concerne les exigences légales applicables aux mouvements non-commerciaux d'animaux de compagnie. Cette dérogation ayant été supprimée et n'étant plus d'actualité, nous rappelons à tous les acteurs du secteur que tout mouvement d'animaux de compagnie, d'animaux de rente et d'équidés est désormais soumis aux réglementations en vigueur.»

An deem Zesummenhang hunn ech folgend Froen un den Här Landwirtschaftsminister:

1) Kann den Här Minister preziséieren, ob et nach ëmmer ukrainesch Flüchtlinge ginn, déi mat engem Hausdéier op Lëtzebuerg kommen? Wa jo, wier et net sënnvoll, eng national Léisung fir Lëtzebuerg ze fannen, déi gëeegent wier, dëse Mënschen ze hëllefen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR - Groupe parlementaire **25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg** **Tel. : (+ 352) 463742**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7881 vum éierbaren Deputéierten Jeff Engelen

- **Kann den Här Minister präziséieren, ob et nach ëmmer ukrainesch Flüchtlinge ginn, déi mat engem Hausdéier op Lëtzebuerg kommen? Wa jo, wier et net sënnvoll, eng national Léisung fir Lëtzebuerg ze fannen, déi gëeegent wier, dëse Mënschen ze hëllefen?**

Et ass mëttlerweil éischter rar, datt Flüchtlinge mat Hausdéieren op Lëtzebuerg kommen. D'lescht Joer hat d'EU an där deemools bestoender urgenter Situatioun decidéiert, déi gesetzlech Ufuerderungen auszesetze fir eng séier Hëllef kennen ze garantéieren. Mëttlerweil sinn déi kompetent Autoritéiten an der Ukrain rëm operationell, sou datt déi legal Ufuerderunge fir mat Déieren aus der Ukrain an d'EU ze komme rëm kënnen ugewannt ginn. Dës Ufuerderunge ginn et aus sanitären an also och aus Sécherheetsgrënn fir Mënsch an Déier. Lëtzebuerg hutt dofir net virgesinn, déi national Ufuerderunge vis-à-vis vun deene vun der EU ze änneren.

Lëtzebuerg, den 26. Abrëll 2023

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN